# STATUTEN

# Eppelduerfer a.s.b.l.

De 29. August 2015 gëtt tëschent de Persounen

Chiesa Nadia, éducatrice diplomée, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Moutfort,
Da Silva Victor, Schüler, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Chrëschtnech,
Elsen Melanie, geleiert Mediendesignerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Beaufort,
Esch Philippe, Mechatroniker, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Stegen,
Friederes Fränz, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Ken, Hëllefskraaft, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Lisa, Studentin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Marc, landwirtschaftlech Hëllefskraaft, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Friederes Mona, Schülerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Lentz Laura, Studentin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Eppelduerf,
Lutgen Nikita, Schülerin, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Bascharage,
Mangers Jeff, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Beaufort,
Vandervaeren Jean-David, Student, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Beaufort,
Willems Sacha, Brandschutztechniker, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Diekirch,
Zirves Michèle, éducatrice, lëtzebuergesch, mat Wunnsëtz zu Wuelessen,

eng Vereenegung ouni Gewënnzweck gegrënnt, déi de virleiende Statutten an dem Gesetz vum 7. August 2023 vun de Vereenegungen ouni Gewënnzweck (weiderhin „d'Gesetz" genannt) ënnerläit.

KAPITEL I

# Numm, Sëtz, Dauer, Geschäftsjoer

Art. 1

D'Vereenegung ouni Gewënnzweck dréit de Numm „Eppelduerfer".
Weider Referenzen op „Veräin" oder „Vereenegung" bezéien sech op déi selwecht.

De Veräin, bis de 27. Dezember 2023 mam Numm "Eppelduerfer Jugend", resp. "Club des Jeunes Eppeldorf", ass de rechtleche Nofolger vum 7. Januar 1964 gegrënnten a 29. August 2015 opgeléiste Veräin „Eppelduerfer Jugend".

Art. 2

De Sëtz vun der Vereenegung ass um Rullewee, 5, L-9365 Eppelduerf.

Art. 3

D'Dauer vun der Vereenegung ass onbegrenzt.

Art. 4

D'Geschäftsjoer ass identesch mam Kalennerjoer (01. Januar - 31. Dezember).

KAPITEL II

# Zweck

Art. 5

Zweck vun der Vereenegung ass et, de Leit vun Eppelduerf an hire Frënn eng Gemeinschaft ze bidden.

Art. 6

De Veräin ass politesch a konfessionell neutral.

Mat dem Verweis op Artikel 1 vum Gesetz vum 28. November 2006 zu der Gläichbehandlung ass all Form vun direkter an indirekter Diskriminatioun opgrond vun Relioun, Iwwerzeegungen, Behënnerungen, Alter, Geschlecht, sexuell Orientatioun, tatsächlech oder vermeintlech Zougehéieregkeet respektiv Net-Zougehéieregkeet zu enger Rass oder Ethnie net zoulässeg.

KAPITEL III

# Memberen

Art. 7

De Veräi besteet aus aktive Memberen, Éirememberen a Membres Donateurs.

Art. 8

Als aktive Member vun der Vereenegung ka jidder natierlech Persoun bäitrieden, déi
a) dës Statutten unhëlt,
b) hier Bedingungen erfëllt,
c) mindestens 16 Joer huet an
d) sech aktiv un den Aktivitéite vum Veräi bedeelegt.

D'Memberschaft als Éieremember gëtt duerch d'Entscheedung vum Virstand un déi Leit verginn, déi de Veräin ënnerstëtzt oder zu der Realisatioun vun de Veräinszieler e luewenswäerte Bäitrag geleescht hunn.

D'Memberschaft als Membre Donnateur gëtt un déi Leit verginn, déi de Veräi mat enger jäerlecher Cotisatioun ënnerstëtzen.

Art. 9

Cotisatioun vun aktive Memberen, wéi och vu Membres Donnateurs ass fir all Geschäftsjoer ze bezuelen a kann beim Austrëtt net zeréckverlaangt ginn. D'Héicht vun der Cotisatioun fir aktiv Membere gëtt vun der Generalversammlung bestëmmt an duerf net iwwer 20,00€ klammen. Membres Donnateurs mussen eng Cotisatioun bezuelen, déi op mannst dem duebele Wäert vun der Cotisatioun fir aktiv Memberen entsprécht.

Art. 10

De fräiwëllegen Austrëtt ass zu all Moment méiglech.

Gëtt d'Cotisatioun net innerhalb vun 2 Méint bezuelt, verfält d'Memberschaft automatesch.

Den erneite Bäitrëtt ass ewéi den éischte Bäitrëtt ze behandelen.

Art. 11

Bäitrëtt, wéi och fräiwëllegen Austrëtt vun engem Member muss schrëftlech festgehal ginn. Dëst muss vum betraffene Member, wéi och vun engem Member aus dem Virstand, an der Regel vum President, ënnerschriwwe ginn.

Art. 12

De Virstand ka Memberen, déi sech veräinsschiedegend verhalen, sech de Bestëmmungen an Unuerdnunge vun de Statutten, der Generalversammlung oder dem Virstand entzéie vum Veräin ausschléissen. Den Ausschloss kann op Ufro vum betraffene Member vun der nächster Generalversammlung iwwerpréift an, sollt et sou entscheet ginn, réckgängeg gemaach ginn. De Virstand, wéi och d'Generalversammlung entscheet mat enger 2/3 Majoritéit iwwert den Ausschloss.

Art. 13

D'Unzuel u Memberen ass onbegrenzt. D'Unzuel un aktive Memberen duerf net ënner 5 falen.

Art. 14

Aktiv Memberen hunn d'Pflicht

a) de Bestëmmunge vun de Statutten an den Opfuederunge vum Virstand mat Zäiten nozekommen,

b) sech, falls néideg, vu Generalversammlungen, vu Versammlungen a weideren Aktivitéite beim Virstand ofzemellen.

Art. 15

Aktiv Memberen hunn d'Recht

a) eng Versammlung beim Virstand unzefroen,

b) un der Generalversammlung deelzehuelen an dat eegent Stëmmrecht perséinlech auszeüben,

c) vun de Virdeeler vum Veräin, bestëmmt duerch d'Statutten an de Veräinsunuerdnungen, ze profitéieren.

KAPITEL IV

# Generalversammlung

Art. 16

D'Pouvoire vun der Generalversammlung sinn duerch Artikel 14 vum Gesetz, wei och duerch déi virleiend Statute bestëmmt.

Art. 17

D'Generalversammlung setzt sech aus allen aktive Memberen zesummen.

Art. 18

D'uerdentlech Generalversammlung gëtt jäerlech duerch de Virstand aberuff. Se muss mindestens 15 Deeg am Viraus mat festgeluechter Dagesuerdnung bäi de Memberen ugekënnegt ginn.

Eng ausseruerdentlech Generalversammlung kann zu all Moment aberuff ginn, sief et duerch d'Entscheedung vun dem/der President_in oder duerch eng 1/5 Majoritéit vun den aktive Memberen.

Art. 19

D'Ukënnegung an d'Generalversammlung kenne ganz oder zum Deel elektronesch duerchgefouert ginn. Memberen, déi elektronesch un der Generalversammlung deelhuelen an hir Identifikatioun erlaben, ginn als präsent ugesinn.

Art. 20

D'Resolutioune vun der Generalversammlung gi mat einfacher Stëmmemajoritéit getraff, woubäi all aktive Member, deen entweder präsent ass oder duerch eng Vollmuecht vertruede gëtt, eng Stëmm huet.

Eng Vollmuecht ka just un een aneren aktive Member vergi ginn a gëllt just fir eng Generalversammlung. All aktive Member ka just eng Vollmuecht droen.

Art. 21

D'Resolutioune vun der Generalversammlung gi schrëftlech festgehal an um Sëtz vun der Vereenegung alle Memberen, wéi och Drëtten zougänglech gemaach.

KAPITEL V

# Virstand

Art. 22

De Virstand (Conseil d’Administration) ass no Artikel 5 vum Gesetz mat der Verwaltung vum Veräin a mat der Féierung vun de lafende Geschäfter beoptraagt an duerf iwwer alles entscheeden, wat net duerch d’Generalversammlung, duerch déi virleiend Statuten oder duerch d’Gesetz bestëmmt gouf.

Art. 23

De Virstand besteet op mannst aus 5 (fënnef) an aus héchstens 7 (siwen) Virstandsmemberen. Déi genau Unzuel u Virstandsmembere gëtt vum aktive Virstand bëstemmt.

Art. 24

De Virstand gëtt all Joer op der uerdentlecher Generalversammlung erneiert.

De Virstand gëtt duerch Geheimwale vun der Generalversammlung bestëmmt. Wann op mannst dräi aktiv Membere präsent sinn, déi sech net fir d’Wal opstellen, gëtt d’Wal vun dräi ënnert hinnen duerchgefouert. Dës Memberen si fir de korrekten Oflaf vun de Wale verantwortlech.

Am neie Virstand muss op mannst ee Member säi Wunnsëtz zu Eppelduerf hunn. Jiddereen, deen op mannst ee Joer aktive Member beim Veräi war, kann sech fir e Poste beim Virstand opstellen.

All Wahlberechtegten huet bäi der Wal déi selwecht Unzuel u Stëmmen ze gutt, wéi Memberen am neie Virstand virgesi goufen. E muss all seng Stëmmen un d’Kandidaten_innen verginn, duerf dobäi awer net méi wéi eng Stëmm un de/déi selwecht_e Kandidat_in verginn.

De neie Virstand besteet aus deene Kandidaten_innen, déi beim éischte gëltege Walgang déi meeschte Stëmme kruten. Wa méi Kandidaten_innen déi selwecht Unzuel u Stëmme kruten an doduerch keng Majoritéit virläit, ginn an enger weiderer Wal déi verbleiwend Virstandsmemberen aus dëse Kandidaten_innen ausgewielt.

De nei gewielte Virstand wielt de/d'President_in aus de nei gewielte Virstandsmemberen aus. Dës Entscheedung muss duerno vun der Generalversammlung approuvéiert ginn. Déi verbleiwend Rollen, definéiert duerch Art. 25, gi vum Virstand verdeelt.

De Virstand ka Membere kooptéieren. Dës kooptéiert Memberen deelen déi selwecht Rechter a Flichte vum Virstand, hunn dobäi awer kee Stëmmrecht.

Art. 25

De Virstand besteet aus engem/enger President_in, engem/enger Vizepresident_in, engem/enger Secrétaire_in, engem/enger Trésorier_ière, wei weidere Virstandsmemberen.

De/D’President_in
a) iwwerwaacht d’Féierung vum Veräin,
b) féiert d’Generalversammlung, respektiv d’Versammlungen an a schléisst se.

De/D’Vizepresident_in vertrëtt de/d’President_in, wann dës/dëse verhënnert ass.

De/D’Secrétaire_in
a) féiert während der Generalversammlung Protokoll,
b) stellt d’Memberslëscht op,
c) stellt d’Aktivitéite vun der vergaangener Amtsperiod op der Generalversammlung fir,
d) berifft d’Virstandsversammlung, d’Generalversammlung an d’Versammlung op Mentioun vum Virstand an.

Den/D’Trésorier_ière
a) verwalt d’Vermëige vum Veräin,
b) stellt d’Veräinskeess an d’Buchféierung op der Generalversammlung fir,
c) hält dem Virstand d’Veräinskeess an d’Buchféierung zu all Zäit bereet.

Art. 26

D'Verméigensverwaltung gëtt vun zwee Keessereviseuren_innen iwwerwaacht, déi mat einfacher Stëmmemajoritéit op der Generalversammlung fir e Mandat vun engem Joer gewielt ginn. E/Eng Keessereviseur_in kann net gläichzäiteg Member vum Virstand sinn.

D'Keessereviseuren_innen préiwen d'Veräinskeess an d'Buchféierung op Vollstännegkeet a Richtegkeet a stellen hire Rapport op der Generalversammlung fir. Hellt d'Generalversammlung de Rapport un, erdeelt se dem/der Trésorier_ière Entlaaschtung.

D'Keessereviseuren_innen hunn zu all Moment d'Recht d'Veräinskeess an d'Buchféierung z'iwwerpréifen an dëst der Generalversammlung respektiv dem Virstand ze rapportéieren.

Art. 27

De Virstand trëtt a Versammlungen zesummen, sou oft et d'Interesse vum Veräi verlaangen. En ass beschlussfäheg wann op mannst d'Halschent vun de Virstandsmembere präsent oder repräsentéiert sinn. Bäi Ofstëmmungen entscheet eng einfach Stëmmemajoritéit vun de Virstandsmembere déi präsent oder repräsentéiert sinn. Bäi Stëmmegläichheet gëllt d'Stëmm vun dem/der President_in duebel.

KAPITEL VI

# Schlussbestëmmungen

Art. 28

D'Statutte kenne just op enger Generalversammlung op Motioun vum Virstand verännert oder erweidert ginn. Fir all eenzel Ännerung ass eng 4/5 Majoritéit néideg.

Art. 29

D'Opléise vum Veräi gëtt vum Virstand ugefrot. Se ass just da méiglech, wann sech eng 4/5 Majoritéit vun de Membere fir d'Opléisung vum Veräin ausschwätzt oder d'Unzuel u Memberen ënner 5 fält. An dësem Fall geet dat verbleiwend Veräinsverméigen un ze bestemment Veräiner mat ähnlechen Interessen.

Art. 30

Fir alles, wat net duerch déi virleiend Statutte gereegelt ass, ginn d'Bestëmmunge vum Gesetz ugewannt.